



N°7083
Entrée le 27.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien, Cultes, Digitalisatioun, Bannenzeg Sécherheet, Aussenugeleeënheeten an Europa, Immigratioun an Asyl, Verdedegung, Mobilitéit, Bildung, Héichschoul a Fuerschung, Famill an Integratioun, Groussregioun, Ëffentlechen Déngscht, Landesplanung, Energie, Konsumenteschutz, Kultur, Gläichheet tëscht Fraen a Männer, Interieur, Mëttelstand, Tourismus, Ëffentlech Aarbechten, Gesondheet, Justiz, Wirtschaft, Kooperatioun, Finanzen, Aarbecht, Sport, Sozialversécherung, Landwirtschaft & Wunnensbau weiderzeleeden.

Säit der Regierung Juncker/Asselborn II huet di maximal Zuel vu Spëtzebeamten (Administrateurs généraux, 1er conseillers de gouvernement, conseillers de gouvernement première classe, conseillers de gouvernement, conseillers de gouvernement adjoints) sech vun 79 op 126 erweidert.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministeschen an d'Ministeren d'Ventilatioun vun der Unzuel vun de Beamten aus de 5 Kategorië pro Ministère mat de respektiven Nimm (déi duerch de Memorial B jo schonn ëffentlech sinn), der Funktioun an der date d'entrée en fonction oplëschen?
2. Wéi ass d'Entwécklung vun der Zuel vun de Beamte pro Kategorie, Ministère a Joer (Stand 1.11) säit dem Regierungswiessel 2013?
3. Wéi vill vun de Beamten aus dës 5 Kategorien, déi scho virun der Regierung Bettel I dës Funktioun haten, sinn haut nach en fonction?
4. Wéi vill Beamten aus dës 5 Kategorien si säit dem Regierungswiessel 2013 an d'Pensioun gaangen?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



CLEMENT Sven
Deputéierten

